LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 16:32, 03/12/2020

Luxembourg, le 3 décembre 2020

Réf. : 835x5ee31

Concerne: Question parlementaire n° 3084 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3084 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant les "Invitations pour le "Large scale testing"".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3084 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant les "Invitations pour le "Large scale testing"".

Am Kader vun der 2. Phase vum Large Scale Testing (LST 2) ginn d'Invitatioune méi cibléiert verschéckt, wéi an der éischter Phase vum Large Scale Testing (LST 1).

Am LST 1 sinn eng ronn 6.500 Invitatiounen all zwou Wochen un d'Léierpersonal verschéckt ginn.

Am Kader vum LST 2 gëtt d'Léierpersonal souwuel aus den ëffentlechen wéi och aus de private Schoulen regelméisseg invitéiert, an zwar an enger Testfrequenz vun 8 Wochen innerhalb vun der Catégorie "personnes à risques". D'Léierpersonal aus den ëffentleche Schoule gëtt per Bréif agelueden; fir déi privat Strukturen gëtt op Voucheren zréckgegraff, well d'Effektiven anescht erfaasst sinn wéi déi aus den ëffentleche Schoulen.

Virun der Rentrée gouf all Enseignant an all Schüler invitéiert sech testen ze loossen, am Kader vun enger proaktiver Testaktioun "coup de poing", fir esou eng Iwwersiicht vun der Prevalenz vum Virus an der Schoulbevëlkerung ze kréien, iert d'Schoulen erëm opgaange sinn.

No der Rentrée gouf d'Léierpersonal ab der Woch vum 26. Oktober erëm integral invitéiert fir sech testen ze loossen. Ab deem Moment lung eng komplett Lëscht vun de betraffenen Persounen vir. Den 2. November gouf dat ganzt Schoulpersonal nach eng Kéier integral invitéiert op Basis vun enger aktualiséierter Lëscht.

Eng 1.000 Invitatioune ginn ab dem 7. Dezember all Woch verschéckt, fir ee kontinuéierleche Suivi vun der Situatioun bei dem ganze Personal am Bildungssecteur, wat sech op zirka 8.000 Effektiver beleeft, op Basis vun enger 8-Wochen Testfrequenz sécherzestellen.

Et sief doriwwer eraus bemierkt, dass een des Zuelen och am Kontext vun de jeeweilegen Testkapazitéiten vun der Phase 1 an 2 setze muss. D'Testkapazitéiten am LST 1 loungen bei 110.000 Tester pro Woch, woubäi se beim LST 2 ugangs bei 53.000 loungen an op 70.000 wäerten ropgesat ginn.

Doriwwer eraus ass et fir d'Verständnis vun den Zuelen och wichteg, sech virun Aan ze halen, dass den LST 2 méi flexibel ausgeriicht ass wéi den LST 1. All Kéiers wou an engem Secteur eng erhéichten Inzidenz festgestallt gëtt, erlaabt den Dispositif et, verstäerkt an de jeweilege Secteur testen ze goen. Dat wier och am Bildungssecteur de Fall, wann dat néideg wier. Dobäi kennt och, dass mobil Interventiounsequipen an de Schoulen agesat ginn, fir Tester ze maachen.